N°962
Entrée le 05.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Ministesch fir Justiz, a vum Här Lex DELLES, Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, op d'parlamentaresch Fro N°962 vum 3. Juli 2024 vum Här Deputéierten Sven CLEMENT.**

**1. Wéi vill SARL-S'en ginn et am Moment hei am Land?**

Aktuell si 5.672 SARL-S beim RCS (*Registre de Commerce et des Sociétés*) ageschriwwen.

**2. Ginn Kontrolle beim Handelsregëster gemaach fir sécherzestellen, datt den Artikel 720-5 respektéiert gëtt? Wa jo, wéi oft hunn dës Kontrollen an de leschte 5 Joer stattfonnt? Zu wéi engem Moment fannen se statt, gëtt all nei SARL-S bei der Opnam an den RESA kontrolléiert oder fannen dës duerno statt?**

Fir d'alleréischt ass et wichteg ze wëssen, datt den Numm vun esou enger Gesellschaft net onbedéngt d'juristesch Form vun der Gesellschaft enthale muss. Trotzdeem muss dëse Vermierk op den Dokumenter, déi vun enger SARL-S stamen, hannert hiren Numm stoe kommen, sou wéi et den Artikel 710-10 vum Gesetz vun 1915 iwwert kommerziell Gesellschaften virgesäit.

An der Praxis gëtt bei der Immatrikulatioun vun enger SARL-S beim RCS iwwerpréift, datt den Numm, dee beim RCS ugemellt gëtt, de selwechten Numm ass wéi deen, deen an de Statute vun der SARL-S steet. Et ass net erfuerderlech fir d'Gesellschaft de Vermierk vun hirer juristescher Form hannert hiren Numm bäizesetzen, wann dëse Vermierk net en integralen Deel vum Numm ass, dee vun der Gesellschaft gewielt gouf.

Zur selwechter Zäit muss de Grënnungsakt, dee fir den Zweck vun der Areechung beim RCS an der Publikatioun beim RESA bäigeluecht ass, eng En-tête hunn, där hiren Inhalt duerch de *Règlement ministériel du 27 mai 2016 portant fixation des critères de présentation et de forme des documents destinés à la publication au Recueil électronique des sociétés et associations*, am Artikel 3 fixéiert ass - nämlech den Numm vun der Gesellschaft, hir juristesch Form an déi präzis Adress vun hirem Sëtz.

Falls dës Elementer net virkommen, schéckt de Gestionnaire vum RCS, de Luxembourg Business Registers (hei ënnendrënner "LBR"), d'Immatrikulatiounsufro un den Demandeur fir eng Regulariséierung zréck, dëst op Basis vum *contrôle legal sommaire,* deen am Artikel 21 vum Gesetz vum 19. Dezember 2002 *concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises* virgesinn ass.

Bei all Ufro fir en Depot, déi vun enger SARL-S presentéiert gëtt, gëtt d'Kontroll vun der En-tête vum Dokument, dat ze deposéieren an/oder ze publizéieren ass, vun de Servicer vum LBR duerchgefouert. Am Fall, wou déi genee juristesch Form vun der Gesellschaft net uginn ass, gëtt d'Ufro un den Demandeur fir Korrektur zeréckgeschéckt.

**3. Well bei dëse Gesellschaften d'Statuten net musse vun engem Jurist/enger Juristin oder engem/enger Notaire opgesat ginn, gëtt am RESA kontrolléiert op dës Statute juristesch korrekt sinn?**

Et ass fir d'éischt emol ze ënnerstäichen datt och aner Gesellschaftsformen ouni Interventioun vun engem Notaire gegrënnt kënne ginn an dëse "Régime" dofir net nëmme fir SARL-S'en applicabel ass.

Hei kënnen z.B. *sociétés en commandite simple*, *en commandite spéciales* oder *sociétés en nom collectif* ernimmt ginn (cf. Artikel 100-4 vum Gesetz vun 1915 iwwert kommerziell Gesellschaften).

Et geet aus de parlamentareschen Aarbechten ervir, déi am Kader vum Gesetzesprojet 6777 iwwert d'Gesetz vum 23. Juli 2016 erstallt goufen, datt dëse Wonsch vum Gesetzgeber fir dem Entrepreneur d'Wiel ze iwwerloossen, fir d'Statute vun enger SARL-S vun engem Notaire opzesetzen oder net, sech um Niveau vun der "Schnellegkeet, Effizienz a Käschtereduktioun" erkläert. De Gesetzgeber präziséiert, datt "de Grënner selbstverständlech e juristesche Beroder kontaktéiere ka fir Statuten ze preparéieren déi op säin spezifesche Fall ugepasst sinn". Fir méi "Standard"-Aktivitéiten huet de Gesetzgeber et de *Chambres professionnelles* iwwerlooss, fir Modeller vu Statuten no de Besoine vun hire Memberen ze gestalten.

An der Praxis sinn also Modeller vu Statute gratis op *Guichet.lu*[1] an op der Websäit vun der *Chambre des Métiers* disponibel, an d'*Chambre de Commerce* verweist an hirer Erklärungsbroschür op déi verschidde Standarden, déi op der *Guichet.lu* Websäit ugebuede ginn.

Och wann d'Gesetz also keng obligatoresch Kontroll vun engem Notaire virschreift, muss d'SARL-S trotzdeem eng *autorisation d'établissement* beim Wirtschaftsministère ufroen, an sech dem contrôle legal sommaire vum LBR ënnerzéien, well d'Gesetz hir Immatrikulatioun am RCS virschreift. Dës Kontroll soll garantéieren datt d'Donnéeën, déi fir d'Immatrikulatioun erfuerderlech sinn, mam Grënnungsakt deen am RESA publizéiert gëtt, iwwereneestëmmen, an datt se de gesetzleche Bestëmmungen entspriechen. Sou iwwerpréift den LBR bei der Immatrikulatiounsufro ob d'Haaptcharakteristike vun der SARL-S, déi op Basis vum Artikel 6 vum RCS Gesetz vum 19. Dezember 2002 am RCS ageschriwwe musse ginn (wéi zum Beispill d'Héicht vum Kapital, d'Gesellschafter an d'Gérants, déi natierlech Persoune musse sinn, d'Virleeë vun der autorisation d'établissement am Zesummenhang mat der SARL-S), respektéiert gi sinn, ier esou eng Immatrikulatioun akzeptéiert gëtt.

Donieft schreift den Artikel 5 vum *Règlement grand-ducal du 23 janvier 2003 portant exécution de la loi du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises* eng zousätzlech Kontroll vum LBR op bestëmmten Informatiounen, déi spezifesch fir d'SARL-S sinn, vir. Sou mussen d'Gesellschafter (natierlech Persounen) vun der SARL-S bei der Immatrikulatioun beim RCS hir Lëtzebuerger Identifikatiounsnummer an eng Kopie vun hirer Identitéitskaart matdeelen. Zousätzlech muss eng *déclaration sur l'honneur* bei der Immatrikulatiounsufro bäigeluecht ginn, déi bestätegt, datt d'*apports en numéraire* ausbezuelt goufen. D'Net-Kommunikatioun féiert zu der Ofleenung vun der Ufro duerch den LBR. Schlussendlech suergt den LBR och dofir, datt eng natierlech Persoun, déi schonn als Gesellschafter an enger SARL-S ugemellt ass, net an enger anerer SARL-S an dëser Kapazitéit registréiert ka ginn.

Lëtzebuerg, den 5. August 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue

[1] https://guichet.public.lu/fr/entreprises/creation-developpement/constitution/entreprise-individuelle/acte-constitutif-societe-commerciale.html